

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An engem Reportage, deen de 17. Mee am Journal op RTL ausgestraalt gouf, huet et geheesch, datt an de Recyclingzentere an Zukunft nees verstärkt Gidder an de Wirtschaftskreeslaf sollen zeréckfléissen. Am besote Reportage gëtt d'Beispill vum SIVIC zu Schëffleng genannt, wou 70 Tonnen u Gebrauchsgéigestänn, déi anescht thermesch verwäert gi wieren, un nei Proprietäre weidergereecht goufen. Als Bierger geet een awer dovun aus, datt den Offall, deen ee fir de Recycling zortéiert, souwisou gréisstendeels fir d'Hirstellung vun neie Produkte verwennt gëtt.

An deem Zesammenhang géife mir der Madamm Ëmweltminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert wéi eng Offäll a wéi enger Quantitéit (ausgedréckt an Tonnen), während de Joren 2010-2021 zu Lëtzebuerg getrennt vuneneen agesammelt goufen a wéi vill Tonnen dovun nei verwäert goufen? Kann d'Madamm Minister preziséieren, op wéi eng Manéier(en) déi Materialien, déi net méi konnten nei verwäert ginn entsuergt goufen a firwat?
- 2) Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi vill CO2 duerch déi eenzel Aarbechtsschritt vum Recyclingprozess fräigesat gëtt a wéi vill Energie souwéi rar Ressourcen duerfir mussen agesat ginn? Lait der Madamm Minister eng Vergläichsetude vir, wéi dës Bilan sech presentéiert, wann d'Materialien zerstéiert (thermesch verwäert) gi wieren an déi entspreichend Produiten hätte missen nei hiergestallt ginn, fir de reellen Ëmweltgewënn ze berechnen? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Fred Keup
Deputéierten